**Gläich an/oder verschidden?**
**Fraerechter am Kontext vun de Mënscherechter**

Altesses Royales,
Illuster Gäscht,
Léif Fraen a Männer,
Léif Mënschen,

Mir hunn elo eng ganz Rëtsch vun Zitater gesinn, ech setzen der gär nach zwee derbäi.
« Article premier: La femme naît libre et demeure égale à l’homme en droits. Les distinctions sociales ne peuvent être fondées que sur l’utilité commune.
Article 2 : Le but de toute association politique est la conservation des droits naturels et imprescriptibles de la Femme et de l’Homme : ces droits sont la liberté, la propriété, la sûreté et surtout la résistance à l’oppression ».

Sinn dat Texter aus enger Deklaratioun vun enger Befreiungsorganisatioun vu Fraen aus de 60er oder de 70er Joren vum viregte Joerhonnert ?
Neen, dëst sinn di zwee éischt Artikelen aus der « Déclaration des droits de la femme et de la citoyenne », geschriwwen 1791, also viru bal 220 Joer, vum Olympe de Gouges, als Reaktioun op di berühmten « Déclaration des droits de l’homme et du citoyen » vun 1789, woubäi si an hirer Deklaratioun ganz oft de Begrëff « hommes » einfach duerch « femmes et hommes » ersetzt.

D’Diskussioun iwwert Fraerechter am Kontext vun de Mënscherechter ass also net nei.

Mir geet et haut den Owend drëm, an enger knapper hallwer Stonn fir d'éischt e puer allgemeng Iwwerleeungen zu de Rechter vun de Fraen ze maachen. Duerno ginn ech kuerz op wesentlech Texter aus dem 20. Jh. an.
Ier ech dann zu engem Ausbléck op d'Zukunft kommen, maachen ech mer nach e puer Gedanken iwwer Themaen, di ëmmer erëm opdauchen: Diskriminéierung, Gewalt, Mënschenhandel a geschlechtsspezifesch Stereoptypen.

Ech wëll betounen, datt ech a mengem perséinlechen Numm schwätzen an net am Numm vun deenen Institutiounen an Organisatiounen, an deenen ech aktiv sinn.

Datt laang Zäit näischt oder wéineg iwwert Fraerechter gesot a geschriwwe gouf, huet mat der Gesellschaft ze dinn, an där iwwer Rechter rieds gong.
De gesellschaftspolitesche Kontext bréngt et mat sech, datt, wa vun Droit geschwat gouf, keen un d'Frae geduecht huet. D'Frae ware vun enger Opstellung vu Regelen iwwert d'Funktionéire vun der Gesellschaft ausgeschloss, well si net zu der Gesellschaft gehéiert hunn, well si par définition keng Rechter haten.
Och d'Fraen respektiv d'Fraebewegunge waren am Ufank net staark u Rechtsfroen interesséiert, waren och grondsätzlech skeptesch. Si hu gesinn, datt, wann hinne Gläichberechtegung versprach gouf, dës net realiséiert gouf, si ware mat Widderstänn géint d'Anhale vun deene versprachene Rechter konfrontéiert.
Duerno war hir Kritik ëmmer méi op di systematesch Ursaache fir hir Benodeelegung a Rechtsfroe geriicht.

Si hunn ugefaang sech ze wiere géint d'Orientéierung vum Droit no den Interesse vun de Männer, dat wat mer haut den Androzentrismus vum Droit nennen.
Et war awer net einfach, op der enger Säit di hierarchesch Form vun de Bezéiungen tëschent de Geschlechter ophiewen ze wëllen, mam Zil vun der Gläichberechtegung, op der aner Säit sech fir eng emanzipatoresch Politik anzesetzen aus den Erfahrunge vun de Fraen eraus.

Déi grouss Fro, déi also op d'mannst zënter 200 Joer diskutéiert gëtt, ass déi elei: Sollen d'Fraen diselwecht Rechter ewéi d'Männer fuerderen oder sollen si speziell Rechter fir sech ustriewen?
Di selwecht Rechter fir Fraen a Männer, dobäi dierft jo haut kee méi eng Schwieregkeet gesinn, ausser et ass een der Meenung, datt d'Fraen sech dann un deene Rechter orientéieren, déi vu Männer an oft fir Männer geschriwwe goufen.
Geschlechtsneutral Rechter kënnen och Ongerechtegkeete perpétuéieren, well si di ökonomesch a sozial Benodeelegung vu Fraen net berücksichtegen an doduerch zum Status quo an der Gesellschaft bäidroen.
Op der aner Säit dierft et och keng Schwieregkeete ginn, speziell Rechter fir Fraen ze schafen, egal op mir elo vun der biologescher Natur oder der sozialer Konstruktioun vum Geschlecht schwätzen (also der Géintiwwerstellung tëschent Sex a Gender).
Et si jusqu'à preuve du contraire nach ëmmer d'Fraen, déi d'Kanner op d'Welt setzen. Et mussen also speziell Gesetzer ginn zum Schutz vun de schwangere Fraen an och fir di éischt Meint, wann d'Kanner geniert ginn. Och dat brénge jusqu'à preuve du contraire nëmme Frae fäerdeg.

Et gëtt nach ëmmer kulturell Traditiounen a Riten, déi exklusiv Frae betreffen, z.B. Excisiounen, an och den Infanticide sélectif vu Meedercher.
Hei hunn trotz allem Multikulturalismus menger Meenong no d'Fraerechter am allgemenge Prioritéit virun den Traditiounen, déi par ailleurs nach laang net ëmmer eppes mat Religiounen ze dinn hunn.
Et gëtt schliisslech am alldeegleche Liewe Verletzunge vu Mënscherechter, wouvunner jusqu'à preuve du contraire méi Frae betraff sinn ewéi Männer.
Et gëtt méi Gewalt vu Männer géint Fraen, ob am Stot oder ausserhalb.
Et gëtt nach ëmmer Fraen, déi bei gleicher Qualifikatioun manner Loun hunn ewéi Männer. Et gëtt bei de Proffen op den Unien, bei de Memberen a Regierungen an a Parlamenter nach ëmmer vill méi Männer ewéi Fraen.
An dobäi wësse mir, datt et op der Welt méi Fraen ewéi Männer gëtt, och wa méi Jongen ewéi Meedercher op d'Welt kommen.
D'Chancëgläichheet ass also nach laang net ëmmer an iwwerall garantéiert. Dat wësse mir, soss wiere mir jo héchstwahrscheinlech haut net hei. Ech géif awer dervir warnen, d'Chancëgläichheet exklusiv op Fraen a Männer ze beschränken. Oder exklusiv a Kategorië vu Männer a Fraen ze denken.
Och am Plan d'action heescht et: „La politique de l'égalité entre femmes et hommes n'est pas une fin en soi", an et gëtt op di transversal Thematik higewisen, op den « gender mainstreaming ».
Mir sinn zwar Mann oder Fra (a wann ech dat esou pauschal soen, da sinn ech mer awer der Tatsaach vun der Transsexualitéit bewosst an och den Diskriminéierungen, deenen dës Leit ausgesat kënne ginn).

Mir sinn awer och jong oder al, aarm oder räich, kënne schreiwen a liesen oder sinn Analphabeten, haten d'Chance, eng Schoulbildung ze kréien oder

net, hunn dës oder déi Nationalitéit, schwätzen dës oder déi Sprooch, (obschonns et haut den Owend nëmme Lëtzebuergesch ass). Mir ginn also a Gruppen agedeelt, klasséiert, an déi Gruppe sinn  nach laang net homogen.
Fir an eisem Kontext ze bleiwen: Mir kënnen z.B. net einfach behaapten, d’Männer wire méi agressiv ewéi d’Fraen.
Et ginn och Männer, déi gewaltlos sinn, ouni datt si doduerch mussen als verweiblecht oder verweichlecht duergestallt ginn. An et kann dach net sinn, datt d’Gentillesse eng Stäerkt bei Fraen ass a bei Männer als eng Schwächt ugesi gëtt.

Ech wëll dann nach e puer Wuert soen zum Recht op Liewen, zu de reproduktive Rechter an zu de Rechter am Kader vun der Bioethik. Ech gi mol dervunner aus, datt diselwecht Dignitéit vu Kand a Fra fir eis all am Mëttelpunkt steet. Wat awer Dignitéit elo genau bedeit a wourops si berout, doriwwer ginn d’Meenongen ausernaner. An dësem Kontext gëtt oft d’Trennung gemaach tëschent fortschrëttlech a konservativ. Als Historiker weess ech net, ob dat, wat haut als konservativ oder fortschrëttlech ugesi gëtt, och mar nach esou ass. Iwwerhaapt musse mir eis d’Fro stellen, ob Begrëffer ewéi fortschrëttlech a konservativ am Kontext vun ethesche Froen esou ouni weideres gebraucht kënne ginn. Dofir schéngt et mir, datt mir bei dësen Themaen an eiser pluralistescher Gesellschaft e permanenten, transparenten a fairen Dialog féiere mussen.

Sowäit dës puer allgemeng Iwerleeungen. An engem nächste Punkt wëll ech dorops agoen, wéi et eigentlech zu de Fraerechter am Kader vun de Mënscherechter koum.

Wa mir chronologesch virgoe wëllen, da gesi mir, datt et 3 Etappe bei der Conquête vun de Fraerechter gouf, 3 Etappen, déi op 3 Type vun Erfahrunge vun Onrecht opbauen.

Déi 1. Erfahrung war déi, datt Frae sech bewosst goufen, datt si vun de Rechter vun de Staatsbierger a vu politescher Partizipatioun ausgeschloss waren.
Die 2. Erfahrung war déi vun der Mëssuechtung vun de biergerleche Fräiheetsrechter, vun der perséinlecher Autonomie, dëst am Kader vum Familljerecht z.B., och vum Recht vum Bestiednes.
An di drëtt Erfahrung ass déi vun der Gewalt, e.a. der sexueller Gewalt géint Fraen. Heibäi geet et net nëmmen ëm d'Verletze vun der perséinlecher a kierperlecher Integritéit, mä och em eng strukturell Gewalt, woumat eng systematesch Aschränkung vun den Handlungsméiglechkeete vun de Frae gemengt ass.

Komme mer zu den Texter. Ech wëll hei net e kompletten Iwwerbléck iwwert di verschidden Deklaratiounen a Konventioune vun de Fraerechter ginn, mä nëmmen op e puer agoen. Et geet also net ëm e Cours iwwer Fraerechter, mä ëm Impulser, fir iwwert de Kontext vun de Fraerechter an eiser Gesellschaft nozedenken.

Esouwuel d'Charta vun der UNO ewéi di Allgemeng Deklaratioun vun de Mënscherechter 1948 definéieren d'Grondrechter vun de Mënschen onofhängeg vun hirem Geschlecht. Esou heescht et am Artikel 1 vun der Deklaratioun vun 48:

„All Mënsch kënnt fräi a mat där selwechter Dignitéit an deene selwechte Rechter op d'Welt. Jiddereen huet säi Verstand a säi Gewësse krut a soll an engem Geescht vu Bridderlechkeet deenen anere géintiwwer handelen."
Eng Tëschebemierkung: Haut géife mer nieft Bridderlechkeet och nach Schwësterlechkeet setzen, oder de Begrëff Solidaritéit aféieren amplaz Bridderlechkeet, wat awer net grad datselwecht ass.
Am Ufank vum 2. Artikel heescht et dann:
„Jidderee kann all déi Rechter an all déi Fräiheeten, déi an der Deklaratioun proklaméiert sinn, fir sech verlaangen, an dat ouni Ënnerscheed sief et vu Rass, Hautfaarf, Geschlecht, Sprooch, Relioun, politescher oder anerer Iwwerzeegung, nationalem oder sozialem Urspronk, Verméigen, Gebuert oder soss enger Situatioun". Och hei eng Bemierkung: Haut gëtt gezweifelt, ob een iwwerhaapt vu Rasse ka schwätzen. Dat heescht awer net, datt et kee Rassismus gëtt, mä dat ass eng aner Fro.

1950 hate mir e weidere wichtegen Text, d'Konvention vun de Mënscherechter vum Europarot, déi jo haut nach hir eminent Wichtegkeet huet.
Et huet du laang gedauert, bis Mëtt vun de 70er Joren, bis datt sech d'Erkenntnis durchgesat huet, datt déi Deklaratiounen a Konventiounen zu de Mënscherechter net vill un der Diskriminéierung vun de Frae geännert haten.
D'Idee koum op, fir Rechter speziell fir Fraen opzestellen, an esou hu mir dann 1979 di wichteg Konventioun iwwert d'Eliminatioun vun alle Forme vun Diskriminatioun géint d'Fraen, ofgekierzt CEDAW.
Et kann een dësen Text aus verschiddene Perspektive gesinn:

Als politescht Manifest, dat kloer d'Rechter vun de Fraen op Gläichheet an Net-Diskriminatioun erkläert,
als en internationaalt Dokument mat engem gewëssene juristesche Charakter,
awer och als e Kader fir konkret politesch Mesuren a sozial Aktiounen.

Dës Erklärung huet, wi gesot, eng wichteg Resonanz; et goufen awer och vereenzelt kritesch Stëmmen. D'Erklärung ass z.B. net richteg ukomm bei Fraen, déi net gewinnt waren, hir Staate fir den Net-Respekt vun hire Rechter verantwortlech ze maachen.
Verschidde Regierunge waren der Meenung, datt ee mat de Fraemënscherechter net vill u politeschem Pouvoir kéint gewannen an a verschiddene Länner hätt een esouguer de politesche Pouvoir verluer, wann een ze vill vun deene Rechter geschwat hätt.
An dann hat de CEDAW Comité, deen duerno geschaf gouf, net vill Méiglechkeeten, fir op d'Anhale vun de Rechter ze pochen, ausser senger Iwerzeegungskraaft.
D'CEDAW Konventioun ass och vu feministescher Säit kritiséiert ginn. E.a. gouf sech d'Fro gestallt, ob d'Opstelle vu spezielle Fraerechter net zu enger Ausglidderung vun deene Rechter aus dem allgemenge Mënscherechtssystem an esou zu enger Marginaliséierung géif féieren.

An da kënnt nach derbäi, dass déi Konventioun zwar vu bal alle Staaten ënnerschriwwen a ratifizéiert gouf, datt awer Dosende vu Staaten hir Reserven un dësem an un deem Punkt ugemellt hunn. Dat ass net verbueden, féiert awer zu enger Verwässerung vum Text, besonnesch bei deene Staaten, déi Reserven bei weesentlechen Artikele gemat hunn.

Spéider goufen eng Rëtsch vun aneren Texter decidéiert, déi d'Fraerechter verstäerkt hunn, wéi z.B. 1999 de fakultative Protokoll, deen et eenzelne Persounen erlaabt, hir Kloe beim CEDAW Komitee anzereechen. De Comité däerf ausserdeem Enquêtë maachen iwwert ontragbar Situatioune vu Fraen an eenzelne Länner.

Nieft deene formale Mechanisme gëtt et och manner formaler, déi zum Anhale vun de Fraerechter bäidroen, wéi z.B. Geriichtsurteeler.

An ëmmer méi allgemengen Deklaratioune fënnt een elo eng Referenz op d'Rechter vun de Fraen, z.B. op der Weltmënscherechtskonferenz zu Wien 1993, op der Weltfraekonferenz zu Bejing 1995, an der Milleniumserklärung 2000 an och an de generelle Recommandatioune vun der UNO. Esou heescht et z.B. bei der Wiener Erklärung am éischten Deel, Artikel 18: „Les droits fondamentaux des femmes et des fillettes font inaliénablement, intégralement et indissociablement partie des droits individuels de la personne".

Ech wëll natierlech och net d'Charte vun den Droits fondamentaux vun der Europäescher Unioun vergiessen, wou an e puer Artikelen op d'Egalitéit tëschent Fraen a Männer higewise gëtt, e.a. am Artikel 23, an och den Traité vu Lissabon, an deem jo d'Charte dran ass, z.B. direkt an den Artikelen 2 an 3.

Wann een elo systematesch wëll virgoen, da kann ee 4 Strategien am internationale Fraemënscherechtssystem identifizéieren:

1. D’Staaten, an och di net staatlech Akteuren, konzentréiere sech op d’Promotioun vu spezifesche Rechter fir d’Fraen duerch d’Negociatioun vu spezielle Konventionen, esou z.B. am Protokoll fir de Mënschenhandel ze prevenéieren, ze suppriméieren an ze bestrofen, haaptsächlech bei Fraen a Kanner.

Di 2. Strategie ass déi, fir d’Geschlecht als e legal verbuedene Grond fir Diskriminéierung ze betruechten an esou Prinzipie vun Net-Diskriminéierung durch d’Geschlecht ze implémentéieren.

Dëse Verbuet vun Diskriminéierung hu mir schonns gesinn an der Deklaratioun vun 1948, mir fannen en och bei den 2 Pakten vun 1966. Et gëtt och zousätzlech Protokoller bei regionale Mënscherechtserklärungen, sou 2003 bei der Afrikanescher Charta.

An dann däerfe mir och d’Mënscherechtstribunaler net vergiessen, déi z.B. am Fall vum fréiere Jugoslawien a vum Ruanda vill mat Violatioune vu Fraen a vu Fraerechter ze dinn haten.

Eng drëtt Strategie ass déi, di strukturell Natur vu Verletzunge vu Fraerechter opzegräifen, z.B. wa Frae vun Aarbecht ausgeschloss sinn, well se e Puppelchen erwaarden.

An dësem Kontext kann een och di „speziell temporär Mesuren“ am Intérêt vun de Fraen ernimmen, déi et erlaben, méi séier virun ze kommen, déi awer erem ofgeschaaft ginn, esoubal d’Zil vun der Net-Diskriminéierung erreecht ass.

Eng 4. Strategie ass schliisslech, de Fraen hir Fuerderungen a méi generell Traitéen anzebauen, z.B. Traitéen iwwert den internationalen Handel oder iwwert d’Schafe vun der Internationaler Cour Pénale.

Hale mer also 3 weesentlech Aspekter fest:

Et geet drëms, d'Universalitéit vun de Mënscherechter och fir d'Fraen an Usproch ze huelen.
Et geet drëms, d'Inhalter vun de Mënscherechter ze erweideren doduerch, datt ee Rücksicht hëlt op d'Onrechtssituatiounen, deene speziell Fraen ausgesat sinn.
An et geet schliisslech drëms, d'Rechter vun de Fraen an der Ëffentlechkeet zur Sprooch ze bréngen.
„Fraerechter si Mënscherechter", dëse Slogan aus den 80er Joren ass och haut nach emmer gëlteg.

No dësem Iwwerbléck iwwert wesentlech Texter zu de Fraerechter géif ech gären op e puer eenzel Themaen am Kader vun de Fraerechter agoen.

Fir d'éischt 3 Bemierkungen iwwert d'Diskriminatioun:
1. Net-Diskriminéierung kann net einfach heeschen, opzehalen, d'Frae manner favorabel ze behandelen ewéi d'Männer. Et mussen och positiv Moossname getraff ginn, fir där Diskriminatioun en Enn ze setzen.
2. Anti-Diskriminéierungsmoossnamen däerfen net nëmmen déi ëffentlech Sphäre betreffen, also d'Relatiounen tëschent deenen eenzelne Persounen an dem Staat. Hei geet et och ëm d'Privatsphär, ëm d'Aarbechtsplaz, ëm d'Schoul an ëm d'Famill.
3. D'Obligatioune fir de Staat däerfe sech net op legislativ Mesurë beschränken. Et mussen och Organisatiounen aus der Zivilgesellschaft ënnerstëtzt ginn, déi z.B. Ideologië bekämpfen, déi derzou bäidroen, Diskriminéierunge vu Fraen ze perpetuéieren. Dobäi sinn ech mir bewosst, datt et heiansdo schwiereg ass ze définéieren, wat fir eng Ideologien dat sinn.

En zweet Thema, wat leider ëmmer erëmkënnt, ass dat vun der Gewalt.
Allgemeng geet et drëms, d’Gewalt géint Fraen an der Terminologie vun de Mënscherechter ze formuléieren.
Am „Dictionnaire des Droits de l’Homme“, deen d’lescht Joer erauskoum, steet :
„La violence à l’encontre des femmes et des petites filles est la plus importante violation des droits humains dans le monde. Elle est si profondément ancrée dans la culture patriarcale qu’elle en devient presque invisible car trop souvent banalisée. » A weider : « La forme la plus universellement partagée entre toutes les femmes reste la violence conjugale, le foyer étant le lieu le plus dangereux pour elles ! » A schliisslech :
« L’augmentation de la violence est le dernier recours du sexe masculin pour maintenir les femmes à la place qu’il leur a assignée depuis l’avènement du patriarcat. »
Dat heescht awer elo net, datt Frae keng Gewalt ausübe kéinten oder géifen. Et gi Fraen, di hir Kanner doudmachen (zwar meeschtens aus enger Noutsituatioun eraus), et gi Fraen, déi folteren (wéi z.B. zu Abu Ghraib).
Et gëtt och Gewalt vu Frae géint Männer. Doduerch, datt ech dat ernimmen, wëll ech awer op kee Fall derzou bäidroen, Gewalt géint Fraen erëm eng Kéier ze bagatelliséieren.
E weidert Thema, wat ëmmer méi wichteg gëtt am Kontext vun der Globalisiéierung, ass dat vum Mënschenhandel.
Dobäi ass et net ëmmer einfach tëschent Mënschenhandel a fräiwëlleger Migratioun ze ënnerscheeden. Dës Fraen, déi an engem „Iwerliewens-Circuit“ dra sinn, wéi d’Saskia Sassen schreift, fënnt een oft erëm op de sougenannten niddregsten Aarbechtsplazen.

Provokant formuléiert: Si botzen d'Haiser, kachen a passen op d'Kanner vun deene Fraen op, déi sech et doduercher erlabe kënnen, sech ze emanzipéieren, Carrière ze maachen an esou dee berühmtenen „Plafong aus Glas" ze durchbriechen.

Un dëser Situatioun sinn natierlech och d'Männer Schold, déi nach ëmmer refuséieren, d'Aarbecht am Stot mat hirer Fra oder hirer Partnerin ze deelen.

Schold huet och de Staat, deen net genuch Institutiounen zur Verfügung stelle kann oder wëll, fir d'Kanner ze versuergen.

Schold ass och eis Wirtschafts- a Gesellschaftsuerdnung mat hirer Kultur vu Stress, vu Geltungsbedürfnis, vun iwwerlaangen Aarbechtszäite fir déi, déi eppes wëlle ginn.

Esou ginn d'Zäit an d'Energie reduzéiert, déi een huet, fir glécklech Momenter mat senger Famill ze verbréngen, an déi verlueren Zäit kritt ee bekanntlech net méi erëm.

E lescht Thema, wat ech hei beispillhaft opgräife wëll, ass dat vun de Geschlechtsstereotypen. Dëst Thema ass fir mech ganz wichteg, well et d'Educatioun betrëfft, esouwuel doheem ewéi an de Schoulen. An der CEDAW Konventioun gëtt am Artikel 5a drop higewisen. Mir liewen an enger Gesellschaft, wou et nach ëmmer stereotyp Virstellunge gëtt vun deem, wat d'Wiese vu Fra a Mann ausmécht.

Eis Gesellschaft gouf e.a. geprägt vun der jiddesch-chrëschtlecher Traditioun, der Traditioun vun enger patriarchalescher Gesellschaft, déi sech op Texter aus dem Alen an dem Neien Testament berifft, wou Gott bal ëmmer als Mann duergestallt gëtt. Dobäi gëtt et awer, soit dit en passant, eng Rëtsch vun Texter, déi an eng aner Richtung ginn, Gott och als Fra gesinn. Dëst war awer bis elo selten oder esouguer ni di dominant Interpretatioun.

Nieft der Bibel gëtt et awer och nach aner Texter, déi eng Grondlag fir déi haiteg Stereotypë sinn, z.B. den Aristoteles mat senger Ënnerscheedung tëschent männlech-aktiver Gestaltung a weiblech-passiver Duldung; de Jean-Jacques Rousseau a mat him nach aner Philosophen aus der Aufklärung, fir déi z.B. d'Fra derzou geschaf gouf, fir ze gefalen a sech ze ënnerwerfen, eng Idee, déi och am 21. Joerhonnert leider nach heiansdo erëmgeeschtert.
Mä et goufen an där Zäit och aner Stëmmen, z.B. de Condorcet, deen a sengem « Sur l'admission des femmes au droit de cité » 1790 folgendes schreift:
« Il serait difficile de prouver que les femmes sont incapables d'exercer les droits de cité.
Pourquoi les êtres exposés à des grossesses et à des indispositions passagères ne pourraient-ils exercer des droits dont on n'a jamais imaginé priver les gens qui ont la goutte tous les hivers et qui s'enrhument aisément ? »

Dës Beispiller weisen hin op d'Fundamenter, op déi eis haiteg Gesellschaft nach ëmmer opbaut. Bestriewungen, deem opzehëllefen, ginn et der vill a si si luewenswäert.
Mä wéi ass et dann nach méiglech, datt an engem „Dictionnaire pour enfants“ een ënnert der Definitioun vu „Bain“ folgendes ka fannen:
„Le président prend un bain de foule, Jeanne prend un bain de soleil“ ?
Wéi ass et méiglech, datt et nach ëmmer getrennte Spillsaache gëtt fir Jongen a Meedercher, datt Jongen, déi mat Poppe spillen, als verweichlecht a verweiblecht duergestallt ginn?

Wéi ass et schliisslech méiglech, datt an ëffentleche Verwaltungen an Institutiounen nach ëmmer den Term „Mademoiselle“ (oder op Däitsch

Fräulein) gebraucht gëtt, esou wi wann et zwou Zorte vu Frae géif ginn? Diselwecht soe jo och net Damoiseau oder Herrlein resp. Männlein fir zwou Zorten vu Männer ausenaner ze halen.

Wéi kann et elo weider goen?
Ech huelen un, datt di epochal Verbesserunge vun de Fraerechter an deene leschten 20 oder 30 Joer weiderginn an net erëm an de Vergiess geroden, well z.B. an engem Klima, deen duerch d'Sécherheetspolitik dominéiert ass, sech haaptsächlech op politesch an zivil Rechter konzentréiert gëtt, fir de Staat op seng Limiten hinzeweisen, an esou d'Fraerechter aus dem Bléckwénkel geroden.

Ech ginn dervunner aus, datt d'Fraerechter sech ëmmer manner op den ëffentleche Secteur beschränken, datt dat Onrecht, wat de Fraen am private Milieu geschitt, doheem z.B., ëmmer méi thematiséiert gëtt.
Ech ginn dervunner aus, datt ëmmer méi di indirekt an och déi strukturell Diskriminatioun erfaasst an ofgeschaaft gëtt.

Ech ginn och dovunner aus, datt d'Roll vum Staat am Beräich vun de Fraen- an am Allgemenge vun de Mënscherechter sech ännere wäert.

Amplaz sech op d'Grenzen vu legitimer Gewalt vum Staat ze konzentréieren, gëtt emmer méi vun der neier Roll vum Staat am Kader vun de Mënscherechter geschwat mat folgenden 3 Aufgaben: d'Mënscherechter ze respektéieren, ze protégéieren an auszeféieren.

Ech ginn dervunner aus, datt de Prinzip vun der Fërderung vun de Fraen ëmmer méi duerch de Prinzip vun der Ermächtegung ersat gëtt, also „empowerment“ anstatt „advancement“; amplaz eng Approche, déi op d’Besoine baséiert, eng Approche, déi op Rechter baséiert.

Schliisslech ginn ech dervunner aus, datt an enger opgekläerter multikultureller Gesellschaft, déi mir ustriewe sollen, d’Mënscherechter als Rechter vun alle Mënschen eng zentral Roll spille wäerten.
Dës Gesellschaft wäert engersäits Wäert leeën op eng fräi a gläichberechtegt Selwerbestëmmung an op de Respekt virun enger Vielfalt vu kulturellen Ausdrocks- a Liewensformen, anerersäits awer och op d’Grenzen hiweisen, wat am Numm vun enger kultureller Vielfalt akzeptéiert ka ginn.

Bei all deem däerfe mer net vergiessen, datt mir nach ëmmer a groussen Deeler eng patriarchalesch Gesellschaft sinn. Ech weess, ech widderhuele mech, mä dat ass eng Feststellung an net oder net nëmmen eng Accusatioun.
Patriarchalesch Strukture sinn zéi. Mentalitéiten ännere sech nëmme lues a kënnen och net per Gesetz oder Verfassung dekretéiert ginn.
D’Frae musse weider ëm hir Rechter kämpfen. Dat ass eng vun de Lektioune vun de leschten 200 Joer.
Mënscherechter hu weiderhin e Geschlecht. Di al Asymetrie gëtt weidergefouert, di dat Männlecht sprachlos am Allgemengen opgoe léisst an dat Weiblecht als e Sonderfall vum Allgemenge betruecht, seet d’Friederike Hassauer.

Datt esou eng asymetresch Opfassung haut awer net méi ouni weideres méiglech ass, ass ee vun de Meriter vum Olympe de Gouges. HIR

Deklaratioun, an net déi vun 1789, ass eigentlech di éischt richteg Deklaratioun vun de Rechter vun alle Mënschen. Hire politeschen Asaz fir Gläichberechtegung, hir feierlech Appeller u Fraen a Männer, fir si dobäi ze ënnerstëtzen, sinn och haut nach aktuell.

Mir mussen et fäerdeg bréngen, am Kontext vun de Fraen- an am Allgemengen de Mënscherechter d'Leit zum Schwätzen ze kréien, fir datt si hir Onrechtssituatiounen artikuléieren, hir Erfahrunge mat aneren austauschen. An deem Sënn wënschen ech eis all, léif Fraen a Männer, léif Mënschen, en interessanten a befreienden Dialog am Intérêt vun de Fraen- an de Männerrechter, also de Mënscherechter.

Ech soen iech Merci fir äert gedëllegt Nolauschteren!

Abbaye de Neumünster
Présentation du plan national d'action Egalité des chances
1er février 2010